N°3825
Entrée le 17.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3825 vum 20. Mäerz 2026 vun den Häre Deputéierte Charles Weiler a Jeff Boonen.

Kann d'Madame Ministesch eis mëttlerweil soen, wéini d'Tunnellen Grouft a Stafelter nees vollstänneg fir de Verkéier opginn ?

Wéi am Pressecommuniqué vun der Stroossebauverwaltung vum 23. Mäerz 2026 (Autoroute A7: levée des mesures préventives dans le tunnel Stafelter dans la nuit du 23 au 24 mars 2026) matgedeelt gouf, bleiwen déi präventiv Moossnamen am Tunnel Grouft bestoen, wärend se am Tunnel Stafelter an der Nuecht vum 23. op de 24. Mäerz 2026 opgehuewe goufen.

Den Tunnel Stafelter gëtt deemno erëm normal bedriwwen: déi erlaabt Héchstgeschwindegkeet gouf erëm op 90 Kilometer an der Stonn festgeluecht an de Verkéier leeft erëm op zwou Spueren an all Richtung.

Am Géigesaz dozou bleiwen d'Virsiichtsmoossnamen am Tunnel Grouft bestoen, bis déi beschiedegt Komponenten ersat goufen.

Ënner Virbehalt vun der fristgerechter Liwwerung vun den néidege Komponente sinn d'Aarbechte fir Juli 2026 virgesinn. Den normale Betrib vum Tunnel Grouft gëtt deemno fir August 2026 erwaart.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes